02 | 2022

# REWA NEWS



Bei eis sidd Där doheem.
säit 2012

CIPA-SANEM.LU

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

# EDITORIAL

- Alain Willet, Direkter CIPA Résidence Op der Waassertrap

# VIRWUERT

- Corinne Cahen, Ministesch fir Famill an Integratioun

# RÉCKBLÉCK

- 10 Joer CIPA Rewa
- De Grondsteen
- Schantjefest
- De Plënnerdag
- Faktencheck CIPA Rewa
- Offiziell Eräffnung
- D'Ried vun der Eräffnung
- De CIPA an Zuelen
- Eis trei Begleeder
- Jardin de vie
- Fit a Gesond
- Dégustation

# VERSCHIDDENES

- Zertifikaten
- De Programm
- De Kiermesprogramm
- Nei Mataarbechter
- Et hunn eis verlooss

# IMPRESSUM


ZEITUNG VUM: CIPA Résidence Op der Waassertrap
REDAKTIOUN: Residenten, Tamara Abate
(Educatrice diplômée/Animatioun)
LAYOUT: Tamara Abate, Morena Luisi
VERBESSERUNG: Service des Relations publiques et de la Culture
FOTOEN: Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller
DROCK: Am CIPA Résidence Op der Waassertrap
ADRESS: Résidence Waassertrap | L-4408 Belvaux
TEL.: +352 59 49 40 - 1
KONTO: Kontosnummer fir en Don
LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE
INTERNETSITE: www.cipa-sanem.lu

# EDITORIAL

Léif Bewunner vum CIPA Résidence op der Waassertrap, léif alleguer,

De 16. Juli 2022 feiert de CIPA REWA säin 10. Gebuertsdag. Dës Ausgab vun de REWA NEWS hu mir, niewent dem bekannten Inhalt decidéiert fir e Réckbléck ze maachen op de Gebuertsdag vum REWA.

Wann ee kuckt wou mir 2012 stoungen an elo, da muss ee soen, datt mir e risege Schratt no fir gemaach hunn, am Sënn fir eise Bewunner e flotte Kader ze bidden. Vill Aktiounen a Projeten hu mir ausgeschafft mam Ziel, datt d'Leit eng bescht méiglech Betreiung kréien an datt mir d'Méiglechkeet hunn op hier Wënsch an ze goen.

Well mir e Gemengenhaus sinn an net Member an engem Grupp, loosse mir eis reegelméisseg auditéieren an zertifiéieren, sou datt mir eis mat aner Institutioune vergläiche kënnen. Et ass net iwwerdriwwen ze soen, datt mir reegelméisseg excellent ofschneiden. De grousse Merite läit awer bei eisem Personal, ouni si wier de REWA net deen, deen en haut ass.

Dowéinst hinnen e ganz grousse Merci fir déi geleeschten Aarbecht wärend all deene Joren!

Dir wäert gesinn, och fir déi nächst 10 Joer hu mir nach lauter flott a spannend Projeten am Kapp a lues a lues wäerten déi ëmgesat ginn. Un Aarbecht wäert et eis deemno net feelen, mee ech sinn zouversiichtlech, datt mir déi all zur Zefriddenheet vu jiddwerengem ëmsetzen.

Ech wënschen iech eng flott Lecture,

Alain Willet

# VIRWUERT

„Bei eis sidd Där doheem", dat ass de neie Slogan, mat deem de CIPA Résidence Op Der Waassertrap sech presentéiert. Wéi gutt et ass sech doheem ze fillen, och wann et net méi déi gewinnte 4 Wänn sinn, dat hunn net nëmmen d'Bewunner vun den Alters- a Fleegestrukture wärend der Covid-Pandemie gemierkt. Och fir hir Famillje war et wichteg hir Léifsten a gudden Hänn ze wëssen, virun allem an deene Wochen a Méint, an deenen si net hunn dierfen op Besuch kommen. E CIPA muss dofir méi si wéi just eng Struktur déi eeler Mënschen hebergéiert. E CIPA muss eng Plaz si wou ee sech austauscht, Aktivitéite ka maache mat alen a mat neie Frëndinnen a Frënn a wou ee ganz einfach zesummen Zäit verbréngt, a sech wuelfillt – wou een doheem ass. Am CIPA ass een en aktive Member vun der Gesellschaft an et ass een also Deel vum Zesummeliewen, am Haus an och doriwwer eraus.

Mam neie Restaurant „Madame Witzeg", dee geschwënn seng Dieren opmécht beweist Dir, datt Dir oppe sidd no baussen. Hei ginn d'Cliente vu Personal mat enger Trisomie 21 bekäschtegt an zerwéiert. Eng inklusiv Gesellschaft an där jiddereen eng wichteg Roll spillt a wou de Matenee gelieft gëtt. Wou et normal ass, datt déi eng verschidde Saachen net oder net méi sou gutt kënnen, a wou et dofir och normal ass, datt déi aner dobäi hëllefen des Saachen am Alldag ze bewältegen.

D'Covid-Pandemie huet eis e laangen Otem kascht mee elo fanne mir endlech lues awer sécher zréck an den Alldag vu virdrun.

Kommt mir profitéiere vun dëser erëmgewonnener Fräiheet an dem Elan dee mer verspiere fir d'Zesummeliewe ganz grouss ze schreiwen a jidderee mat op de Wee ze huelen an eng inklusiv Gesellschaft.

Erlaabt mir op dëser Plaz awer nach eng Kéier Merci ze soen. Merci dem ganze Fleegepersonal, dem Botz-, dem Kichen- an dem Sécherheetspersonal, Merci den Dokteren, de Chargés de direction, directeurs des soins an all deenen, déi sech all Dag esou gutt ëm d'Bewunner këmmeren. Merci awer och de Familljen an natierlech de Bewunner selwer vun den Alters- a Fleegeheemer. De Motto „Bei eis sidd Där Doheem" gëtt bei Iech am Alldag gelieft. An der „Waassertrap" sinn d'Bewunner wierklech doheem.

Corinne Cahen

Ministesch fir Famill an Integratioun



Photocredit KARY photography

# 10 JOER CIPA REWA

Virun 10 Joer, de 16. Juli 2012 si mir vun der „Résidence Dickskopp” an d'„Résidence op der Waassertrap” zu Bieles geplënnert. Dës Ausgab gëtt en Abléck an déi lescht 10 Joer. Et huet sech esou munches beweegt an de CIPA REWA huet sech permanent weider entwéckelt. D'Lag vum CIPA bitt fir vill Méiglechkeeten a flott Tréppelweeër. Et gëtt grousse Wäert op eng mënschlech a qualitativ Aarbecht geluecht. Am CIPA REWA sinn eis Bewunner Doheem an et gëtt eng ronderëm Betreiung garantéiert. Grond genuch fir dës 10 Joer ze feieren. De 16. Juli 2022 sidd dir all häerzlechst op eis d'Fest am CIPA REWA agelueden. Fir Ënnerhalung, Iessen an Drénken ass natierlech gesuergt a mir freeën eis iech all op eisem Fest ze gesinn.

Fir dës 10 Joer ze éiere gouf dëse schéine Fräsch am Keramikatelier hiergestallt. Falls dir un deem feierleche Fräsch interesséiert sidd, kënnt dir iech beim Lynn aus der Animatioun mellen an zesumme mat de Bewunner gëtt är Bestellung opgeholl.




RÉCKBLÉCK

# DE GRONDSTEEN

De 7. Dezember 2009 gouf de Grondstee geluecht fir de Neibau vum CIPA a Presenz vum deemolege Buergermeeschter Georges Engel an der Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

Eng Zäitkapsel gouf mam Steen abetonéiert, esou ass d'Aktualitéit vun deemools mat versigelt ginn.
Wousst den Här Engel schonn deemools, datt hien 13 Joer duerno Aarbechtsminister géif ginn? Well mam Bagger ass hien gutt eens ginn.






# SCHANTJEFEST

Op Besuch um Belval um Schantjen

Den 20. August 2010 gouf eng Visitt op de Site vum Belval. gemaach Op déi Plaz wou haut eise CIPA steet : De Belval Nord! Et muss ee wëssen, datt 2 Drëttel vum Belval op Bielesser Terrain läit.

Et war ee schéine sonnegen Dag, eis Bewunner si mat eis mam Bus op de Site gefuer. Wou mir do ukomm sinn, stounge mir virun engem Réibau, engem Schantjen, wou nach drun geschafft gouf. Hei goufe mir vum Här Keuper empfaangen, vum Architektebüro „Michel Petit." Mir sinn a Gruppen agedeelt ginn an hunn misste wäiss Helmer undoen, wéinst der Sécherheet, ier mir konnten an d'Gebai eran, wat eng Kéier de CIPA soll ginn. Mir kruten alles erkläert, wat wouhi kënnt: De Restaurant, d'Kichen an d'Cafeteria um Rez-de-Chaussée, d'Zëmmeren um éischten an zweete Stack. Op ville Plaze waren nach Stäipen, plazeweis ware d'Fënsteren nach net dran, d'Mauere waren nach gro, d'Dieren nach net dran. Ronderëm d'Gebai war nach näischt ugeplanzt. Awer mat den Erklärunge konnt een sech e kléngt Bild maachen, wéi et seng Kéier soll ausgesinn.



Mir waren net eleng do, mir haten déi ganz Gemeng invitéiert, eis Gemengepolitiker an eis Awunner, fir de Schantje kucken ze kommen. An d'Leit hunn och masseg Presenz gewisen : Bus fir Bus ass bäigefuer an ëmmer méi Leit sinn ukomm. Mir haten net mat esou ville Leit gerechent.

Et goufe Riede geschmass, Pätt gedronk an eppes vum Grill giess.

Et war eng gelonge Dag um Schantjen a wéi de Schäffe vum Drëtten Alter sot: „Merci Här Willet, fir déi gutt Iddi."










# PLËNNERDAG

Mir schreiwen de 16. Juli 2012:

Et war esou wäit, de CIPA „Résidence op der Dickskopp“ geet a säi leschten Dag. Schonns um 6 Auer rumouert et um Lëtscheft, d'Soins preparéieren nach emol d’Medikamenter fir Mueres a Mëttes. D'Ekippe vun der Kichen an dem Restaurant decken den Dësch fir d’Mueresiessen. Haut ass alles anescht, de Restaurant mëscht seng Diere schonns um 7 Auer op, well mir plënneren op de Belval an dat an engem Dag.
D’Kleeder a perséinlech Saache vun eise Bewunner ginn a Këschte mat hirem Numm vun der Botzekipp. agepak Näischt dierf vergiess ginn. Nom Iesse ginn eis Leit an dräi Gruppe gedeelt a ginn op d' Rees, dréi verschidden Destinatiounen, fir den Dag ze verbréngen ouni datt si sech musse Suerge maache wéi et mam plënneren ass. Fir Iessen ass op all Ausfluch gesuergt. Um 9 Auer ass Depart, begleet ginn si vun der Animatioun, an an all Bus ass eng Infirmière dobäi.
Déi Bewunner, déi net mat op den Tour ginn, déi aus dem UPG, (deemools nach SPG) verbréngen hiren Dag bis 16 Auer nach op der Dickskopp. Si sinn och déi lescht déi zu Zolwer iessen. Eng Ekipp vun de Soins këmmert sech mat Häerz a Séil ëm si, sou datt den Dag net ze vill stresseg fir si ass.
Am Laf vum Mueren si Këschten a Saache vun eise Bewunner geplënnert an de CIPA REWA ginn, wou se esou ageraumt gi sinn, fir datt de Bewunner se och direkt nees fënnt. Am Virfeld konnten eis Bewunner hiert Zëmmer um Plang eraussichen. Deen am längsten do war huet als éischte gewielt an esou weider.
D’Kichen huet um neie Site de Repas-sur-roues preparéiert, well och deen, dësen Dag normal weider gelaf ass, an eis Clienten dobausse sollen net ze kuerz kommen och wann mir haut plënneren.
Am Nomëtteg ass am neie CIPA weider vill geschafft ginn : de Restaurant ass preparéiert ginn a d’Kichen huet sech eng afale gelooss fir Owes.
De ganzen Dag huet eise Service Technique d’Plënnere vun de Saachen iwwerwaacht. Këscht fir Këscht ass op dat richteg Zëmmer ukomm, Saache sinn op déi richteg Plaz gestallt ginn.
Um halwer 4 verloossen déi lescht Bewunner d’Dickskopp zu Zolwer an um 4 Auer Mëttes ass de „CIPA Résidence op der Dickskopp“ Geschicht an d’Diere sinn zou. Dës Bewunner sinn awer och eis éischt Bewunner am „CIPA Résidence Op der Waassertrap“.
Um halwer 5 ass deen éischte vun den dräi Busser virum CIPA um Belval ukomm. D’Leit goufen vun eisen Damme vun der Administratioun empfangen, déi schonns de ganzen Dag de Bewunner hir nei Schell, hiere Badge fir d’Zëmmerdier an d'Fiche, déi ënnerschriwwe muss ginn, preparéiert hunn.

Wéi d'Formalitéiten bis gemaach waren, huet e Member vum Personal all eenzele Bewunner op säi Stack begleet, wou hien säin Zëmmer selwer kann op maachen an et fir déi éischte Kéier betriet. Elo kritt hien nach eemol erkläert wéi alles fonctionnéiert. Déi selwecht Prozedur gëtt widderholl beim zweete Bus um 17 Auer a beim drëtten um halwer 6.
Véierel op 6 ass Rendez-Vous am Restaurant, hei waart ee gudden a schéine Buffet op eis Bewunner. Mir loossen den Owend gemitterlech ausklëngen an eis Bewunner zéien sech an hir Zëmmer zeréck.
Fir déi éischt Nuechten ass eng verstäerkten Ekipp virgesinn, esou datt sech eis Leit wuel a sécher fillen.
D'Famillje konnte kuerz hirer Mamm, Papp oder Eltere Moie soe kommen, wat hinnen net erlaabt war, fir de Recht vum Dag.
Dësen Dag ass en Erfolleg, well jiddereen seng Aarbecht, déi him opgedroe gouf, och mat Professionalismus ausgefouert huet. Mir si stolz a houfreg, datt mir dat an engem Dag gepackt hunn.

An haut 10 Joer duerno, wann mir zeréck kucken, kann ee soen de CIPA "Résidence op der Waassertrap" e risegen Erfolleg ass.
Mir haten eis d'Fro gestallt, wéi mir déi zousätzlech Zëmmere géife fëllen? Mat den Demanden, déi mir haten an nach hunn, wär et besser gewiergt nach ee Stack drop ze bauen, eis Zëmmeren sinn ëmmer all besat. Ee Beweis, datt et leeft.
Op déi nächst 10 Joer, "Happy Birthday" an denkt drun "Bei eis sidd Där doheem" !








# FAKTENCHECK CIPA REWA

RESIDENCE OP DER WAASSERTRAP:

Offizieller Beginn der Bauarbeiten: **28.10.2009**
Grundsteinlegung: **07.12.2009**

Budget Baukosten: **19 Mio. €** hTVA (ind. 608.08)
Budget Baukosten mit Reserven: **20 Mio. €** hTVA (ind. 608.08)
Budget hTVA Baukosten mit Reserven, Honoraren und Baunebenkosten: **24 Mio. €** hTVA (ind. 608.08)
Budget TTC  Baukosten mit Reserven, Honoraren und Baunebenkosten: **27,75 Mio. €** TTC (ind. 608.08)

Anzahl der Firmen ohne Subunternehmer (siehe Liste): **35 Firmen**
Anzahl der Firmen mit Subunternehmern: ca. **80 Firmen**
Anzahl der Besprechungen: **522** Besprechungen
Arbeitsstunden am Bau: **240.242** Arbeitsstunden
Arbeitsstunden Planer, Projektmanagement und Experten: **99.812** Arbeitsstunden

Verbrauch an Papier für Dokumente und Pläne: **1.260 m2**
Verbrauch an Kaffee in Besprechungen und im Baucontainer: **1.530 Liter**
Verbrauch an Wasser in Besprechungen: **3.000 Liter**

Anzahl kostspieliger Versicherungsfälle: **3 Fälle** (1x Brand, 2 x Wasserschäden)
Anzahl von Unfällen: **0,5** (ein angebrochener Arm, Firma Reiserbann 2012)
Während des Projektes verlorene Architekten: **4**

@ CIPA:
Déménagement le 16 juillet 2012 avec 80 résidents
120 résidents au 20 août 2012
125 collaborateurs s'occupent du bien-être des résidents (dont 63 soignants);
Taux de dépendance de 80% (95 résidents / 120)
Moyenne de +-13 heures de dépendance / résident / semaine
Démarche qualité svt EQALIN; ISO 9001-2008 pour l'administration; HACCP pour le domaine restauration; SuperDréckskëscht.

# OFFIZIELL ERËFFNUNG

De CIPA REWA gouf offiziell de 29. November 2012 ageweit. Den deemolege Buergermeeschter Goerges Engel, de Schäfferot, de Gemengerot, déi deemoleg Familljeministesch Marie-Josée Jacobs, D'Direktioun esou ewéi d'Bewunner an d'Personal vum CIPA REWA ware bei der offizieller Eröffnung dobäi. Et goufe Rieden ofgehalen an en alt bekannten d'Lidd „Mein Vaterhaus" gouf vun der Chorale „Fräsche vun der Waassertrap" gesongen. Mir si spéiderhi gewuer ginn, datt dëst d'Lidd der Ministesch hiert Liblingslidd ass. D'Ministesch gouf mat engem schéine Bouquet mat wäisse Rousen empfaangen. Musikalesch goufen eis Bewunner vum Ensembel vum Escher Conservatoire begleet. Bei engem gudde Patt a Schnittercher gouf sech ausgetosch.







# D'RIED VUN DER ERËFFNUNG

**Madamm Ministesch,**

**Där Damen an Hären aus de Schäffen- a gemengeréit vun de Gemenge Suessem, Reckeng an Esch.**
**Léif Éieregäscht, léif Invitéeën.**

Et ass mär eng besonnesch Freed fir iech haut hei am neie CIPA Résidence op der Waassertrap am Kader vun der offizieller Inauguratioun ze begréissen.

**Biographesch gesinn huet :**
**1983** D'Gemeng Suessem huet säin Altersheem op der Dickskopp mat 81 Better opgemaach.
**1999-2000** si Renovatioune gemaach gi fir konform ze sinn als CIPA am Kader vum Agréement ministeriell (Mise en conformité).
**Ëm 2005** sinn Etüde gemaach ginn, fir d'Dickskopp ze moderniséieren an ze vergréisseren. Dee Projet ass fale gelooss ginn, fir e Neibau ze erbauen zu Bieles-Belval.
**Oktober 2009** war den offiziellen Ufank vun den Aarbechten an de Bau ass am Juli 2012 mat e bëssi Retard, bedéngt duerch e Brand, fäerdeg gestallt ginn.
**80 Bewunner vun der Dickskopp sinn de 16. Juli** an engem Dag geplënnert ginn a Mëtt August ware mer zu 120 Bewunner am REWA.
**E puer Donnée'en zum REWA :**
80 Firmen hunn drun geschafft an **240.000 Stonne Main d'œuvre** hunn de Bau fäerdeg gestallt
Parallel **sinn 100.000 Stonne fir Experten**, Projektmanagement an Architekten drop gaangen.
Iwwert **500 Versammlungen** sinn ofgehael ginn an dobäi sinn **1500 Liter Kaffi** gedronk ginn.
Zum Bau ass ze soen, datt et e schéinen, modernen an zweckméissege Bau ass, deen sech harmonesch an den neie Véierel integréiert. En erlaabt duerch säi Konzept eng optimal wirtschaftlech Gestioun.
Prioritéit ass drop gesat ginn, fir eng warm Ambiance fir eis Bewunner ze schafen, wou ergonomesch ka geschafft ginn, no deenen neie Richtlinnen am Seniorenberäich a wou et sech gutt liewen deet.
Prioritéit vun den Admissiounen, si Leit aus de Gemenge Suessem a Reckeng (mat där mer eng Konventioun hunn) oder wann hier direkt Famill **an** der respektiver Gemeng wunnt.

Wa mir **1983** en Personalschlëssel haten **vun 1 op 4** (1 Personal fir 4 Bewunner) an de Personalbudget 25% ausgemaach huet, ass et **Haut** esou, datt mir méi ewéi **1 op 1** schaffen an de Budget vum Personal 80% ausmëscht.

**50 nei Mataarbechter** hunn mer agestallt an elo schaffen 130 Leit bei eis an dovu sinn iwwer 50% an de Soins.

**Eis Philosophie vum Haus kann een ewéi folgend resuméieren :**

- **Selbstbestëmmung** vun de Bewunner am Dagdeegleche Liewen („Pflegen nach der Tagesform“)
- Mir garantéieren **d'Sécherheet** vun eise Bewunner a mir wëllen eise Bewunner e flott Liewen erméiglechen, hinne flott Aktivitéiten offréieren op Basis vun hire Capacitéiten a Goûten, déi mer biographesch erhiewen.
- Den « **accompagnement en fin de vie »** a soins palliatifs leien eis besonnesch um Häerz.
- Allgemeng kucke mir eng optimal **Qualitéit** ze prestéieren am Kader vun eisem Budget. Dozou gehéieren eis Qualitéits-Demarche an deene verschiddene Beräicher ewéi EQALIN, ISO 900, SuperDréckskëscht, HACCP-
- 2011 si mir encouragéiert ginn andeems mer als éischte CIPA e Präis beim **Mouvement Luxembourgeois pour la Qualité** gewonnen hunn.

**Ech well meng Ried ofschléissen an all deene Leit MERCI soen, déi matgehollef hunn de Projet REWA ze realiséieren** :

- Dem **Schäffe- a Gemengerot,** deen ëmmer den Accord ginn huet bei Ännerungswënsch eisersäits, och wann se ëmmer en Impakt budgétaire haten,
- **Architekten**, Planer a bureaux d'études,
- All eis **Partner** vum CIPA (Dokteren, Kiné, Apdikter, etc.),
- **Délégation** vum Personal,
- Meng **Kolleegen** a **Frënn** aus den aneren Häiser,
- Den **Aarbechter,** déi um Bau gehollef hunn.

E spezielle Merci riicht sech awer un eis **Bewunner an hir Familljen** fir hier Gedold am Kader vum Plënneren an all de Changementer, déi op si zou komm sinn.

Last but not least, e ganz grousse Merci un eist **Personal a Kaderen** vum CIPA. Et war net ëmmer liicht dem Direkter seng Launen auszehalen an deene leschte puer Joer, wou mir missten niewent der Gestioun vum ale Bau ëmmer misste present si fir eis Iddien a Wënsch am Neibau ënnerzekréien, déi mir an eise Konzepter duergestallt hunn.


**All zesummen hu mir et fäerdeg bruecht en schéint neit Haus ze hunn, wou et sech ewéi gesot gutt wunne léisst fir eis Bewunner an et angeneem ze schaffen ass fir eist Personal.**

Ech soen iech villmools Merci fir äert Nolauschteren !

Alain Willet

# DE CIPA AN ZUELEN


An deene leschten 10 Joer huet de CIPA REWA sou munch Entwécklung erlieft. D'Unzuel vun de Mataarbechter ass immens gewuess. Am Juni 2012 hate mir 100 ETP (Équivalent temps plein) an am Juni 2022 si mir op 137,64 ETP. Méi am Detail gesinn hate mir am Juni 2012, 114 Mataarbechter a lo zéng Joer drop si mir op 159 Mataarbechter.




Vu Juni 2012 bis Juni 2022 hunn 361 Bewunner hei am CIPA REWA gelieft. Eis eelst Bewunnerin hat 107 Joer an huet eis 2015 verlooss. Déi jéngst Persoun, déi an de CIPA era geplënnert ass hat 56 Joer.

| | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Moyenne Séjour | | 2,56 | 2,94 | 3,19 | 3,78 | 3,65 | 4,18 | 3,83 | 3,76 | 3,6 | 3,52 |
| Moyenne d'âge | | 84 | 84 | 86 | 86 | 86 | 86 | 88 | 86 | 86 | 86 |


An deene leschten zéng Joer sinn 245.730 Repas-sur-roues eraus gaangen. D'Ufro vun dësem Service ass ëmmer méi grouss ginn. Am Joer 2012 sinn 10.329 Plateaue verdeelt ginn, 2021 ware mir bei 32.851 Plateauen an lo den 1.Mee 2022 sinn 11.726 Menüer zerwéiert ginn.




RÉCKBLÉCK

# EIS TREI BEGLEEDER

Zanter Mee 2018 ass de Mozart, eise chien d'accompagnement social, am CIPA. De Mozart bréngt eise Bewunner vill Freed am Alldag an zaubert hinnen en Laachen op Gesitt. Hien ass meeschtens mam Laura duecht ganzt Haus ënnerwee. Mam Mozart gi verschidden Aktivitéiten ugebueden z.B. Spadséiere goen, Kämmen, kleng Spiller am Oratoire (duerch Reefer goen, Saache siche goen asw.). Ausserdeem ass de Mozart dobäi wann mir de Gläichgewiichtsparcours maachen an eisem Jardin de Vie an op Ausflich gi wei z.B. de Buerfousswee zu Diddeleng.
De Mozart gehéiert mëttlerweil zum CIPA fest dozou a mir hoffen, datt en nach laang sou eng gutt Aarbecht ka leeschten! Merci Mozart!







De Willy ass am Oktober 2019 bei eis an de CIPA komm an huet säin Doheem am UPG. Hien huet sech mat der Zäit gutt agelieft a genéisst d'Opmierksamkeet vun eise Bewunner. Wann et him mol net dono ass geet hie senger Wee a mëscht en Tour dobaussen am Gaart oder ronderëm de CIPA. De Willy huet eise Bewunner, virun allem am UPG, scho vill schéi Momenter geschenkt a mir si frou, datt en bei eis am CIPA en neit Doheem fonnt huet!





# JARDIN DE VIE

Depuis mi-août 2020 un jardin thérapeutique, plus joliment appelé Jardin de Vie, est accessible (avec encadrement) à nos résidents du CIPA.

Le service thérapeutique a prévu d'effectuer 2 séances par semaine de stimulations à travers ce parcours, et ce, dès que la météo le permet (tout au long de l'année).

Si la météo est trop mauvaise, les séances seront remplacées par notre habituel atelier d'équilibre au rez-de-chaussée.

Le parcours de marche du jardin de vie mesure +/- 130 mètres et permet un entraînement de l'équilibre dynamique, de la proprioception et de la stimulation sensorielle, grâce aux 6 différents modules de l'aménagement.

Une zone de détente/relaxation a été pensée, et sera opérationnelle au printemps 2021, avec des bancs autour d'une fontaine, de nouvelles plantations et sous une pergola, et sera accessible notamment par l'équipe Animation pour des groupes jusqu'à une douzaine de résidents.





# FIT A GESOND



Zanter 2017 fannt dir de « Fit a Gesond » Raum am CIPA. Eis Bewunner hunn hei d'Méiglechkeet sech ze beweegen, egal op Vëlo, Stepper, Trampolin oder den « Atelier d'équilibre», deen och an eisem Jardin de Vie un der frëscher Loft ugebuede gëtt.
De Vëlo ass eng besonnesch Motivatioun. Hei kënnen Bewunner op virtuellem Wee, lokal an och international Strecke fueren.
De « Fit a Gesond » steet eise Bewunner Mëttwochs a Freides Mëttes vun 13.00 bis 15.00 Auer an Dënschdes an Donneschdes Mueres vun 9.00 bis 11.00 Auer fir verschidden Aktivitéiten zur Verfügung.



# DÉGUSTATION BIÈRES ET FROMAGES BELGES



Ce vendredi 30 mai 2022, Manu, infirmier au BF2 et Barbara, ergothérapeute au Service Thérapeutique, tous les deux épicuriens Belges ont organisé une petite dégustation des bières et fromages belges.
Cela faisait longtemps que ces deux collègues voulaient partager un peu de leur passion avec les habitants du CIPA.
Ils ont fait une petite sélection de cinq bières assez classiques avec les bons fromages qui y correspondent. Les bières proposées étaient
La Leffe Blonde, la Chimay bleue, la Lupulus fructus, l'Orval et la Chouffe.
Les fromages viennent d'un fromager Belge "La souris gourmade" de Libramont qui s'est fait un plaisir de faire une sélection de fromages suculents accordés aux bières.
C'était une dégustation et donc les quantitées servies étaient petites et dans des verres de dégustation. Chaque bière avait son tableau de présentation avec son verre officiel, car une bonne bière se sert dans le verre correspondant, petit détail important pour les connaisseurs. Chaque bière était aussi représentée avec les autres sortes produites par la brasserie-mère. Une fiche explicative était présente pour chaque bière servie afin d'être complet et interressant.
Les membres du personnel et les familles ont également pû participer à cette belle après-midi et ce fut pour tout le monde une belle découverte.
Vu le succès de cette dégustation, une seconde édition avec une variante pourrait peut-être être proposée.
Merci à la cuisine et au restaurant pour les avoir acceuillis et bien aidés cet après-midi J.








# SERGE TONNAR



Ce vendredi 10 juin, Serge Tonnar est venu avec sa guitare pour l'enregistrement de notre vidéo de présentation du CIPA. Cette vidéo a été réalisée afin de faire connaître notre établissement vers l'extérieur et d'y montrer un petit bout du quotidien de nos résidents. La chanson sélectionnée dans le répertoire de Serge Tonnar a été choisie par notre ergotéhrapeute Barbara. Elle a opté pour cette belle chanson: «Hey meng Boma». Serge nous a accompagné en musique, en chanson et avec micros et caméras toute la journée dans le CIPA. Il nous a ensuite, pour clôturer cette journée en beauté, donné un petit concert privé, en terrasse au rez-de-chaussée du CIPA.
La journée qui avait été préparée à l'avance a demandé beaucoup d'organisation. La vidéo était en effet tournée dans différentes endroits du CIPA et il fallait veiller à ce que les 120 résidents soient à la fois accompagnés par le personnel comme d'habitude, tout en étant tous prêts à intervenir pour les différentes prises de vue.
L'équipe de tournage qui nous a accompagné travaille pour la firme « Explose » est basée à Differdange. Ils sont déjà venu au CIPA pour tourner des images de « Suessem, je t'aime », ces petits clips vidéos que l'on peut voir sur le site internet de notre commune.
Ils sont réputés pour leur travail de haute qualité professionnelle auquel ils parviennent toujours à ajouter à leurs réalisations une dimension humaine. Ils ont été très à l'écoute, flexibles et d'une gentillesse incroyable. Ils avaient beaucoup de matériel avec eux mais se sont montrés tellement discrets que les résidents du CIPA ont vite oublié la présence des caméras tout au long de la journée.
Les points communs de cette journée? Enthousiasme et bonne humeur. La musique parle en effet un langage universel qui nous rapproche tous et rend chaque moment magique. La magie de ce moment nous l'avons tous et toutes ressentie lorsque l'une de nos résidentes, Mme Nussbaum, a, en jouant de l'harmonica, accompagné Serge pendant le concert … un moment unique.
Tous les résidents qui ont souhaité participer à cette journée de tournage ont pleinement apprécié cette journée. Nous avons pu vivre beaucoup de beaux moments plein de spontanéité et de magnifiques échanges.
Les nombreuses images filmées sont maintenant traitées par l'équipe d'Explose qui nous fera parvenir la vidéo une fois terminée. Nous sommes impatients de voir le résultat final et nous réjouissons déjà de la visionner et de vous la faire visionner !

Nous vous tiendrons informés de sa sortie et de sa publication sur notre site internet.

Nous comptons d'ores et déjà sur vous pour la partager au maximum !

Un grand merci encore à toutes les équipes pour cette belle réussite, cette bonne humeur partagée.

# ZERTIFIKAT'EN




**ISO 9001:2008**
depuis décembre 2013
renouvelé en 2016

**ISO 9001:2015**
depuis mai 2018
renouvelé en 2019






**Prix Luxembourgeois de la Qualité**
Prix d'encouragement en 2011
Mention « Sur la voie de l'excellence » en 2015
Prix d'excellence en 2018

**Label ESR**
depuis juin 2018
renouvelé en juin 2021







**$2^{e}$ prix du progrès économique durable**
reçu en novembre 2019





**Palliativ Geriatrie**
Participation au projet national
de 2018 à 2020




**Label**
**« SuperDrécksKescht fir Betrieber »**
depuis février 2013




VERS LE LABEL
HUMANITUDE

**Label Humanitude**
Engagement vers le label depuis juillet 2017
Audit de labellisation en juin 2022

**Label**
**« Esou schmaacht Lëtzebuerg »**
depuis décembre 2019




**La Sécurité alimentaire et le**
**Respect des Bonnes Pratiques d'Hygiène**
depuis septembre 2012

**Certificat « Fairtrade Zone »**
depuis 2015

An deene leschte Jore gouf de CIPA REWA mat ënnerschiddleche Labelen ausgezeechent. De CIPA leet grousse Wäert op eng qualitativ Aarbecht an alle Beräicher. E grousse Merci un all d'Mataarbechter an extern Intervenanten fir déi exzellent Aarbecht.

VERSCHIDDENES

# DE PROGRAMM

## Juli 2022

| | |
|---|---|
| 1.-3. Juli | Kiermes beim CIPA REWA |
| 16. Juli | 10 Joer CIPA REWA |
| 18. Juli | Zolwer Moart |
| 21. Juli | Parc Merveilleux zu Betebuerg |
| 27. Juli | Restaurant L'Angelo Divino zu Zolwer |

## August 2022

| | |
|---|---|
| 4. August | Minigolf a Restaurant zu Réimech |
| 12. August | Marie-Astrid |
| 25. August | Schueberfouer |

## September 2022

| | |
|---|---|
| 23. September | Marie-Astrid |

Iwwert all spontan Sortie gi dir via eis Pinnwand, déi beim Restaurant hänkt, informéiert.

Mellt IECH wgl. bei der Animatioun un.

# DE KIERMESPROGRAMM




VERSCHIDDENES

# DE KIERMESPROGRAMM




# NEI MATAARBECHTER

Ech sinn d’CHELI Laurence a schaffen als Infirmière um BF2.



Ech sinn de MARTINS Bryan a schaffen als Aide-soignant um BF2.



Ech heeschen MÜLLER Manon a schaffen als Infirmière um BF2.



Mäin Numm ass REDING Megane an ech schaffen als Aide aux soins um BF1.



Ech sinn d’SILVA MENDES Jenny a schaffen als ASF um BF1.



Ech sinn d’LIMA Duina a schaffen als Aide-cuisinière.



Ech sinn d’PINTO GRANJA Vanessa an ech si Kiné.



Ech sinn d’SINGH Shanti a schaffen am Ménage.



# NEI MATAARBECHTERIN

Moien,

mäin Numm ass Claudia Ceccato. Ech si Mamm vun zwee Kanner a si systemesch Familljentherapeutin. Ech schaffe säit dem 01.06.22 als Psychologin an der „Résidence Op der Waassertrap“.

No mengem Ofschloss an der klinescher Psychologie op der Universitéit zu Basel, hunn ech mech op systemesch Familljentherapie a Supervisioun konzentréiert. Mëttlerweil schaffen ech säit iwwer 10 Joer am Beräich vun der Geriatrie a sinn immens dankbar Mënschen an ënnerschiddleche Liewensphasen däerfen ënnerstëtzend zur Säit ze stoen.

Ech freeë mech däerfen een Deel vun der Ekipp vum CIPA ze sinn a si frou all Bewunner an hier Famillje kennenzeléieren.

*„Nichts an einer Raupe sagt dir, dass Sie ein Schmetterling werden wird.“*
R. Buckminster Fuller



# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| MME BOFFERDING-SCHUMAN MONETTE | +06/04/2022<br>AM ALTER VUN 82 JOER |
| MME SCHMIDT-ZINNEN ALICE | +19/05/2022<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| MME ANTOINE-SCHMITZ JULIE | +23/05/2022<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| MR HILGER ROGER | +26/05/2022<br>AM ALTER VU 89 JOER |
| MME VALENTIN-KOLMESCH LUCIE | +27/05/2022<br>AM ALTER VUN 91 JOER |
| MR GEIBEN JOSEPH | +27/05/2022<br>AM ALTER VU 89 JOER |
| MME PEGEL-WELTER MARIE-THERESE | +15/06/2022<br>AM ALTER VUN 94 JOER |



Mir soe Merci fir déi lescht 10 Joer a freeën eis op weider schéi Momenter am CIPA Résidence op der Waassertrap.

© 2022
CIPA Résidence Op Der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1